Maach mat!

Präisser am Wert vun 4 500€



# „Dee schéinsten Drotiesel“

## Concours

am Kader vun “Dikrich feiert den Iesel”

den 13. Juni 2020 am Park

Weider Informatiounen an Umeldung op
tourisme@diekirch.lu oder Tel.: 80 30 23

Org.: E.S.D., S.I.T., V.C. Dikrich

**Ëm wat geet et?**

Komm den 13. Juni mat dengem Drotiesel an de Park, wou d'Fest "Dikrich feiert den Iesel" stattfënnt. Däin "outfit" an och dengem Drotiesel - Velo oder Lafrad - säin musse natierlech dem Fest ugepasst sin.
Een onofhängige Jury bestëmmt di 6 schéinst Drotieselen / Drotiesel-Equipe(n).

**Wee ka matmaachen?**

Grouss a Kléng! Aleng oder an enger Grupp! Schoulklassen oder Veräins-Gruppen!
Et ginn 2 Kategorien:

- Erwuessener : individuell, privat- oder Veräins-Grupp
- Kanner/Jugendlicher: individuell, Grupp (Schoulklass, Veräin ...)

**Ass ee Präiss ze gewannen?**

Fir all Kategorie sinn 3 Haapt-Präisser viirgesinn:

1. **Präiss: Envelopp mat 1 000 €**
2. **Präiss: Envelopp mat 750 €**
3. **Präiss: Envelopp mat 500 €**

**Wéi kann ech mech umelden?**

Um Internet-Site vum Syndicat d'Initiative www.visit-diekirch.lu fënns du den Umeldungs-Formular fir ze downloaden.

Schéck dese Formular w.e.g. bei de Syndicat d'Initiative Dikrich bis spéidestens den 15. Abrëll 2020.






